adr

Depot : Fred Keup

6

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2025

PL 8587

**MOTIOUN**

D'Chamber stellt fest,

- dass Lëtzebuergesch en zentrale Bestanddeel vun der nationaler Identitéit a vum sozialen Zesummenhalt zu Lëtzebuerg ass;
- dass Lëtzebuergesch an der Primärschoul eng fundamental Roll fir déi sproochlech, kulturell a gesellschaftlech Integratioun vun de Kanner spillt;
- dass Schoulmeeschteren a Léierinnen am deeglechen Unterrecht wéi och an der Kommunikatioun mat de Kanner, den Elteren an den anere Léierpersoune staark vun enger vollstänneger Beherrschung vum Lëtzebuergesche profitéieren;

ass sech bewosst, dass

- d'Sécherstellung vun dëser Kompetenz e wichtege Bestanddeel vum Rekrutéierungssystem am Fondamental ass an dat am Intressi vun de Kanner wéi och vum gesamten ëffentleche Schoulwiesen och weiderhi bleiwe muss;

fuerdert d'Regierung op,

- sécherzestellen, dass och an Zukunft ausschliisslech Léierpersounen am Fondamental agestallt kënne ginn, déi iwwer en noweislech héijen, der Unterrechtspraxis ugemiessenen Niveau am Lëtzebuergesche verfügen;
- déi bestoend Examens- an Unerkennungsmodalitéite reegelméisseg ze evaluéieren a gegeebenefalls unzepassen, fir e konstant héije Sproochniveau vun de Léierpersounen ze garantéieren;
- d'Parlament reegelméisseg iwwer d'Wierksamkeet vun de bestoende sproochlechen Ufuerderunge wéi och iwwer deenen hiren Afloss op d'Unterrechtsqualitéit ze informéieren.

Fred Keup

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742